CSV
FRAKTIOUN

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Chamber

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
20 JAN. 2017
2688

Lëtzebuerg, den 20. Januar 2017

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit biede mir Iech dës parlamentaresch Fro un Madame Minister fir Ëmwelt an den Här Finanzminister weiderzeginn.

« D'Lëtzebuerger Privatbësch asbl » zielt eng 1.900 Memberen a representéiert ronn 24.000 Hektar vum Lëtzebuerger Bësch. Déi private Bëschbesëtzer spillen deemno eng wichteg Roll wann et drëms geet dëse komplexen Ökosystem fir déi nächst Generatiounen ze erhale fir dass de Bësch och an Zukunft seng ökologesch, wirtschaftlech a sozial Funktiounen op lokalen a nationalem Plang kann erfëllen. Wei vill aner Associatioun ouni Gewënnzweck huet och D'Lëtzebuerger Privatbësch asbl eng Rei Doleance un Politik.

An hirer leschter Zeitung "De Lëtzeburger Bësch" weisen d' Privatbëschbesëtzer an engem Bréif un d'Ëmweltminitësch ob d' Problemer hin, déi sie am Kader vun der TVA-Erhéijung vun 2015 hunn. Sie verlaangen, datt den TVA-Taux dee sie kënnen op hirem Holzverkaf behalen ,als Kompensatioun fir déi TVA déi sie bezuelen, vu 4% op 12% eropgesat gëtt, esou wéi et bei der Landwirtschaft de Fall ass.

Weider weise sie an dësem Bréif drop hinn, datt verschidde Steierbüroen d' Méiglechkeet vun Ofschreiwungen etc. net méi unhuelen, wann keen « *but de lucre* » kann nogewise ginn. Sie krute gesot datt wann ee Betrib no maximal 10 Joer kee Benefice géif maachen, da wär den « *but de lucre* net nogewisen.

An deem Kader, wollte mir der Madame Minister fir Ëmwelt an dem Här Finanzminister dës Froe stellen

- Wéi ass ze erklären datt déi eenzel Steierbüroen ënnerschiddlech virgi bei der Behandlung vun de forstwirtschaftleche Betriber?
- Wéi gesäit déi konkret Regelung aus fir de forstwirtschaftleche Betrib?
- Ewei ass den Artikel 61 vun der Steiergesetzgebung LIR auszeleeën dee seet : « *...En ce qui concerne la sylviculture, la seule possesion de terains forestiers est à considérer comme exploitation forestière* » ?

An der Äntwert ob de Bréif vun der « Lëtzebuerger Privatbësch asbl » seet d' Madame Minister dass « *Fuerderunge vum Lëtzebuerger Privatbësch a Saachen TVA sinn novollzéibar* ».

An deem Kader, wollte mir der Madame Minister fir Ëmwelt an dem Här Finanzminister dës Froe stellen :

- Ass eng Upassung vun der TVA bei de forstwirtschaftleche Betriber wéi bei de landwirtschaftleche Betriber virgesinn?
- Wann jo - wéi soll dës Upassung ausgesinn?
- Wann neen - firwat net?

Am Äntwertschreiwes vum 24. Oktober 2016 un « Lëtzebuerger Privatbësch asbl » seet d' Mme Minister och dass « *Steierbehandlung vun de Bëschbesëtzer misst effektiv verbessert ginn. D'ongerecht Consideratioun vum Décalage vu Recetten an Investitiounen ass e reelle Problem. Den MDDI wäert déi néideg Démarche beim Finanzministère initiéieren.* »

An deem Kader, wollte mir dem Här Finanzminister dës Froe stellen :

- Huet d'Madame Minister an den MDDI déi beschriwwen Démarche beim Finanzministère ageleet?
- Wann jo - wat sinn d' Konklusiounen?
- Wann neen - firwat net ?

Här President, mir bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

**Martine Hansen** **Marco Schank**

**Députéiert**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Développement durable
et des Infrastructures

Département de l'environnement

Luxembourg, le 27 FEV. 2017

**Service central de législation**
**Monsieur Fernand Etgen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
01 MARS 2017

**Objet :** Question parlementaire n°2688

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°2688 des honorables députés Madame Martine Hansen et Monsieur Marco Schank tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

Pour la Ministre de l'Environnement,

Camille Gira
Secrétaire d'Etat

130-000008-20040525-FR

4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

Tél. (+352) 247-86824
Fax (+352) 40 04 10

Adresse postale
L-2918 Luxembourg

www.emwelt.lu
www.gouvernement.lu

**Gemeinsam Äntwert vun der Ëmweltministesch Carole Dieschbourg an dem Finanzminister Pierre Gramegna op d'parlamentaresch Ufro n°2688 vum 20. Januar 2017 vun den honorablen Deputéierten Madame Martine Hansen a Monsieur Marco Schank**

An Entrevuen, déi och zwëschen eisen Servicer stattfonnt hunn, hu mir déi an der Ufro ugeschwate Punkten am Detail beschwat, an kennen Folgendes matdeelen :

Wat déi direkt Besteierung ubelaangt, esou ass d'Behandlung vun de forstwirtschaftleche Betriber konform zu de Regelen vun eisem Akommessteiergesetz (L.I.R.), di konstant esou ugewannt ginn.

Dorop hinzeweisen ass, dass am Artikel 10 vum Akommessteiergesetz (L.I.R.) wou d'Kategorie vun Akommes opgezielt ginn, de « bénéfice agricole et forestier » als zweet Kategorie vu Bénéfice opgefouert gëtt, nieft dem Bénéfice commercial an deem aus enger fräiberufflecher Aktivitéit. Fir de « bénéfice agricole et forestier » gëllen fir d'éischt d'Bestëmmungen vun den Artikelen 61 bis 90 L.I.R. dovunner besonnesch d'Artikelen 73 bis 90 L.I.R. déi sech spezifesch op d'Bëscher bezéien, awer och, souwäit näischt anescht am Gesetz steet, déi vun den Artikelen 16 bis 60 L.I.R., also d'Regele vum « Bénéfice commercial ». Dat steet ausdrécklech am Artikel 64 L.I.R.

Ass eng Aktivitéit onofhängeg, huet si als Zil, Gewënn ze bréngen, gëtt se op eng nohalteg Manéier ausgeübt an ass unzegesinn als en Deelhuelen um normale wiertschaftleche Verkéier, ass dës Aktivitéit eng kommerziell Aktivitéit, ausser si wier en Ausübe vun engem fräie Beruff oder eng Land- a Forstwirtschaftlech Aktivitéit am Sënn vum Artikel 61 L.I.R. Bei der Exploitatioun vu Bëscher seet den Artikel 61 n°1, zweete Saz, datt, wat d' « Sylviculture » ugeet, de Besëtz un sech vu Bëscher als Bëscherexploitatioun gëllt.

Fir d'alleréischt definéiert deen éischte Saz vum Artikel 61 L.I.R. de Bénéfice aus Land- a Forstwirtschaft als ee Resultat, wat de Contribuable aus deenen duerno opgezielten Aktivitéite kritt. Hei gëtt gläich virausgesat, datt de Bëschexploitant wëllt e Resultat, a Form vun engem Gewënn, erreechen. Fir datt dee Bëschbesëtz d'Qualifikatioun vun enger « Exploitatioun » ka kréien, muss en, ökonomesch gesinn, op d'mannst iwwert eng laang Lafzäit gekuckt, fäheg sinn e positiivt Resultat ze generéieren, d.h. e Resultat, wat global an iwwert länger Zäit gekuckt, e positive Revenu dee méi héich ass wéi déi iwwert d'Jore cumuléiert Ausgaben (d.h. Perten). Dobäi geet et net duer, datt de Contribuable deklaréiert, hien hätt d'Intentioun, eng Kéier e globaalt positiivt Resultat ze erreechen, mee de Fall muss no externen an objektive Critèren ënnersicht ginn, sou wéi dat och bei deenen anere Revenu-Aarten ass. Sou kann et gutt sinn, datt während enger ganzer Rei Joren Perte bestinn, déi och steierlech kënnen unerkannt ginn souwäit wéi se a spéidere Joren kompenséiert ginn an duerno och weiderhi Beneficer realiséiert ginn.

Bei enger Bëschexploitatioun muss also d'éischt emol dee méigleche Rendement analyséiert ginn a Fonctioun vun enger Zäitspan déi sou laang ass wéi déi vum Eruwuesse vun de Beemercher zu Beem déi kënne gehae ginn an dat spezifesch den Zorte no. Dat kënne wuel Jorzéngte sinn. Dobäi ginn awer Zoufallsfakteuren wéi Stierm oder Befall duerch Parasiten oder Xylophagen net gekuckt.

Een zweete, grad sou wichtege Critère, ass d'Gréisst vum Bësch. Si bestëmmt mat, wéi d'Qualitéit vun de Beem gëtt, wéi de Bësch sech regeneréiert oder wéi d'Lignifikatioun verleeft. Gëtt déi Surface ze kleng, ass de Bësch net ekologesch a biologesch liewensfäeg an domat d' « Bëschexploitatioun » och net ekonomesch um Liewen ze halen. An sou Fäll gëtt vu vir eran keng Exploitatioun am ekonomesche Sënn akzeptéiert an de Bëschbesëtz als Hobby ouni steierlechen Impakt betruecht well en ekonomesch kee Sënn mécht.

Och d'Aarbechten déi vum Contribuable gemeet ginn, spillen eng Roll. Kleng Botzaarbechten eleng sinn dobäi nach keen Noweis fir eng Bëschexploitatioun am steierleche Sënn. De Bëschbesëtzer muss regelméisseg an sengem Bësch schaffen a säi Bescht ginn, e positive Revenu ze erzielen.

Dat Spezifescht vum Artikel 61 L.I.R. bei Bëscher par Rapport zu aneren Zorten Akommes läit doran datt op vill méi eng laang Zäit muss gekuckt ginn ob eng echt Bëschexploitatioun virläit oder en Hobby ausgeübt gëtt.

D'Existenz vun engem steierlech berücksichtegt Bénéfice forestier setzt viraus, datt d'Sylviculture ufänkt mat der Intentioun an de Beméiunge fir op d'mannst mëttelfristeg e Bénéfice ze realiséieren an datt den Exploitant sech och déi ekonomesch Moyene gëtt fir dat Zil z'erreechen.

Dës Approche ass zanter Jorzéngten déi vun der Steierverwaltung; dobäi muss dee betraffene Steierbüro Fall fir Fall ënnersichen ob et sech ëm eng Exploitatioun handelt, déi di uewe genannte Critèren erfëllt, oder ob, opgrond vun enger ze klenger Fläch an/oder de feelende Beméiungen fir Beneficer ze erreechen, d'Aktivitéit vum Contribuable als Hobby muss agestuuft ginn, well och op laang Siicht keng Aussicht op ee Gewënn ass.

Well all Fall anescht ass, bleift d'Decisioun fir d'Exploitatioun vum Bësch an domat och d'Perten (ënner Ëmstänn iwwer laang Joren) steierlech unzeerkennen, an der Kompetenz vun deenen eenzele Steierbüroen, déi an all konkrete Fall mussen eng Entscheedung huelen. Datt an deenen enge Fäll d'Exploitatioun unerkannt gëtt an an aneren net, hält also net un der Applicatioun vu verschiddene Critèren, mee éischter dorun, datt all Fall anescht ass an individuell muss geléist ginn no deene selwechte Critèren.

Bei der Besteierung als Bénéfice forestier ginn d'Recetten aus deene normale Coupe vun de Beem oder dem Verkaf vun de Beem als gewéinleche Produit ugekuckt, an e positiivt Resultat als gewéinleche Revenu nom normale Steiersaz besteiert. De Gesetzgeber huet awer och eng méi favorabel Besteierung nom hallwe Steiersaz virgesinn fir Fäll wou et zu aussergewéinleche Coupe kënnt (cf. Artikel 77 L.I.R., coupes extraordinaires).

Wat d'TVA ubelaangt, esou froen d'honorabel Deputéiert op den Taux forfaitaire vun 4% den am Artikel 58 vum TVA Gesetz fest geluecht ass wäert ugepasst ginn. Dozou ass ze soen dass dësen Taux effektiv fir d'lescht den 1ten Januar 1992 op 4% ugepasst ginn ass. D'Regierung ass am Gaang eng Étude ze maachen fir préiwen ze loossen op dësen TVA-Taux muss ajustéiert ginn fir der ökonomescher Situatioun korrekt Rechnung ze drohen. Falls des Étude zur Konklusioun kennt dass den TVA-Taux net méi adäquat ass, wäert d'Regierung déi néideg Upassung maachen.